ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Immigratiounsminiter weiderzeleeden

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3744 vum 6. Abrëll 2018 huet d'Regierung net oder nëmme ganz evasiv op d'Froen 1, 2, a 5 geäntwert, obwuel si déi Donnéeën huet a si besser wéi en Deputéierte kann zesumme stellen.
Et ass wichteg, datt d'Regierung selwer d'Verantwortung fir esou eng Gesamtduerstellung vun den Zifferen iwwerhëlt wéi och fir d'Interpretatioun vun den Zifferen an hirer Evolutioun.

Dowéinst stellen ech dëss Froen nach eemol un den Här Immigratiounsminister:

1. Wéivill Persounen am Ganzen hu vum 1. Januar 2015 bis elo zu Lëtzebuerg Asyl (internationale Schutz) gefrot? Aus wéi enge Länner koume wéivill Persounen? Wéi e Geschlecht haten déi Persounen ? Mat wéi engen Ursaache gouf de Schutz ugefrot?
2. Wéivill vun dëse Persounen hunn wéi eng Form vu Protektioun kritt? Wéivill vun deene Persoune sinn am Ablëck nach hei am Land? Aus wéi enge Länner kommen déi Leit?
3. Bei wéivill Persoune gouf en internationale Schutzstatus net accordéiert? Wéivill Persoune vun deene sinn nach am Land? Wéivill hunn d'Land fräiwëlleg verlooss a wéivill hunn der missen eloignéiert ginn? Wéivill sinn der am Laf vun de Prozedure "verschwonnen", esou datt de Staat hire momentanen Openthalt net kennt ?

Ausserdeem stellen ech nach zousätzlech dës Fro:

4. Wéivill Persounen vu wéi enger Nationalitéit, wéi engem Geschlecht a wéi engem Alter sinn duerch eng Relokalisatioun oder e "Resettlement" vun 2016 un bis haut an d'Land komm?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten